PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

Eis gouf zougedroe, dass d'Dokteraarbecht *A bioethical analysis of the place of consent in organ donation with particular reference to the United States, Germany and Austria. Dissertatio ad doctoratum in facultae bioethicae Pontificii Athenaei Regina Apostolorum* vun der Prinzessin Claire hei zu Lëtzebuerg net verfügbar soll sinn. Si wär anscheinend och just an enger eenzeger Bibliothéik verfügbar an zwar an der Bibliothéik vun der Universitéit zu Roum, wou d'Prinzessin Claire promouvéiert huet. An der Biografie vun der Prinzessin Claire vun der Maison du Grand-Duc gëtt explizit op hir Dokteraarbecht higewisen: "Nachdem sie 2009 an der Universität Regina Apostolorum in Rom einen Master in Bioethik mit summa cum laude abgeschlossen hatte, beschloss die Prinzessin, ihr Wissen zu vertiefen, indem sie eine Promotionsarbeit begann […] Für ihren Doktortitel (PhD) verteidigte sie ihre Dissertation in Rom zum Thema der ethischen Aspekte der Zustimmung von Organspenden."

Lëtzebuerg huet ee Règlement Grand-Ducal vum 6. Dezember 2009 iwwert den Dépôt Légal, deen och Dokteraarbechten ofdeckt, falls dës mat ëffentleche Gelder finanzéiert goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gouf d'Prinzessin Claire fir hir Thèse materiell oder finanziell vun der Maison du Grand-Duc oder der Administration des biens de S.A.R. le Grand-Duc ënnerstëtzt?

2. Ass de Kulturminister der Meenung, datt esou eng Ënnerstëtzung géif de Krittäre vum Art. 3 Punkt 3 vum Règlement grand-ducal du 6 novembre 2009 relatif au dépôt légal erfëllen, dee seet: "Est considérée comme éditée sur le territoire national: […] 3. toute publication, toute thèse et tout mémoire de recherche dont la production a été soutenue par un organisme du secteur public au Luxembourg."

3. Ass d'Aarbecht vun der Prinzessin Claire och hei am Land iergendwou disponibel respektiv deposéiert? Wa nee, firwat ass d'Aarbecht vun der Prinzessin Claire net an enger Bibliothéik hei am Land asehbar?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten